

Gemengerot vum 29 November 2024

Present: de Buergermeeschter Félix Eischen (CSV) an d'Schäffe Marc Bissen (LSAP) a Romain Kockelmann (CSV), d'Gemengeconseillere Cheryl Binck-Geschwind (CSV), Larry Bonifas (déi gréng), Guy Breden, CSV, Maryse Frantzen (DP), Natacha Koch (CSV), Guy Kohnen (CSV), Patrick Krecké (DP) Claudine Meyer-Deitz (LSAP), Max Molitor (LSAP) a Nathalie Noesen-Heintz (LSAP)

Entschëllegt: /

Ufank vun der Sëtzung: 08.30 Auer

All Punkte vum Ordre du Jour goufen eestëmmege uegholl ausser de 4 an de 5.1.

ËFFENTLECH SËTZUNG

KOMMUNIKATIOUNEN

Den Här Félix Eischen, Buergermeeschter (CSV), begréisst d'Membere vum Gemengerot zur Sëtzung vum 29 November 2024. De Budget gëtt an dëser Sëtzung presentéiert a Presenz vum Här Mike Back, Preposé vum Service vun de Finanze mat senger Ekip. D'Conseillere hunn all eng schrëftlech Versioun vum Budget kritt a kënnen Froe stellen a sech och an deen nächsten dräi Wochen un d'Finanze wende fir zousätzlech Informatiounen ze kréien. An der nächster Sëtzung am Dezember gëtt de Budget da viraussichtlech gestëmmt. De Public gëtt begréisst esou wéi och den Här Serge Bonifas dee wäert iwwert d'Sanéierung vun de A & B Gebaier vun der Zentralschoul zu Kielen schwätzen. Dat ass e Projet deen uleeft esou bal d'Kanner aus den A & B Gebaier erausgi fir op Elmen an d'Schoul ze goen. D'Gemeng schafft dru mat aller Vitess esou wäit et méiglech ass fir d'Rentrée nächst d'Joer fäerdeg ze sinn. Et besteet eng Angscht dass et eventuell bis Chrëschttag kéint dauere mä et gëtt probéiert dass deem net esou ass an dat wär dann de leschten Delai. Dës Fakte goufen och schonns mat der Schoul beschwat. All Entreprise gouf och schonns ugeschriwwen fir sech un Delaien ze halen an dass et wichteg ass dass d'Kanner kënnen de 15 September 2025 op Elmen an d'Schoul goen. Den Ordre du jour gëtt unanime uegholl.

Den Här Romain Kockelmann (CSV) deelt mat dass d'Syndikater SIDERO a SIDOR an hirer leschter Comitéversammlung de Budget unanime guttgehalen hunn. Am rektifizéierte Budget vum 2024 bleift am ordinäre Budget vum SIDOR e Boni vu 7.398.735,00€ an am extraordinäre Budget e Boni vun 81.351.218€ wat insgesamt 88.749.953€ ausmécht. Fir de Budget 2025 bleift e Resultat vum Exercice vun 179.974€ wou nach 7 Milliounen aus dem rektifizéierten Ordinären dobäi kommen, sou dass et zu engem Schlussresultat kënnit vu 7.578.709€. Wat den extraordinäre Budget

2025 ubelaangt, bleiwen 2.949.976€ iwwreg wann do 81 Milliounen addéiert ginn entsteet e Resultat vu 84.301.194€ deen am Extraordinären iwwreg bleift wat en Total vun 91.879.904€ mat sech bréngt. Beim SIDOR bleiwen d'Participatiounen um Budget vun de Gemengen op 0€. D'Tariffer vum Offall bleiwen onverännert. Fir d'Gemenge bleift et deemno bei 96€ pro Tonn. Dat eenzegt wat beim SIDOR geännert huet ass dass si sech elo ee Montant minimum gi fir alles wat ënnert 200 Kilogramm ass, bezüglech all de Zorte vun Offall déi erakomme fir dass méi Offall gesammelt gëtt a manner muss hin an hiergefuer ginn.

Am rektifizéierte Budget bleift am Service ordinär vum SIDERO fir 2024 e Boni vun 53.267€ an am Service extraordinär 33.083.037€. Am Budget vum 2025 ass am Service ordinär e Boni vu 76.267€ an am Service extraordinär 1.407.531€. Mam Bezuele gesäit et do e bëssen aneschtens aus, dat heescht am rektifizéierte Budget fir 2024, mussen d'Gemenge Redevancë am Ordinären vun 1.600.706€ bezuelen an am Extraordinären, wéinst der Kläranlag, 2.428.544€, sou dass Gemeng Kielen en Total un de SIDERO muss bezuele vun 3.435.251€.

Am Ordinären fir 2025 gesäit et dann esou aus dass d'Gemeng Redevancë muss bezuele vun 1.103.900€, an am Extraordinären vun 1.495.735€ esou dass insgesamt mussen fir 2025 2.599.635€ bezuelen ginn. Déi Zuele stinn all am Budget vun der Gemeng.

Den Här Guy Breden (CSV) gëtt e Feedback iwwert de Syndikat SIGI an de LEADER Lëtzebuerg West. Den 12 November 2024 war Comité vum SIGI. Am Kader vum Comité ass d'Strategie vum SIGI an och de Budget virgestallt ginn. De Käschtepunkt wäert och herno an der Presentatioun vum Budget ervirgoen. De Budget 2025 ass just minimal an d'Luucht gaangen. De SIGI ass amgaange ganz vill Leit ze internaliséieren a gräift net méi op déi extern zou wat och een Impakt huet. Dëse Budget ass och unanime am Comité vum SIGI uegholl ginn. Wat déi nei Strategie betrëfft, ass decidéiert ginn

sech nei auszerichten an net de SIGINOVA weider auszebauen, viles gëtt recupéiert awer dat an enger bekannter Technologie. Vill Input dozou kënnit vun der neier Mikroinformatikkommissioun, wou all informatesch an technesch bewandert Leit aus de verschiddenste Gemengen hiert Wësse mat abréngen. Hei vertritt den Här Fabio Sousa d'Gemeng Kielen an ass och ganz engagéiert. De SIGI huet och bewosst op de sougenannte SIGI Day verzicht wou d'Gemengerotsmembere vum ganze Land ageluede sinn, well mol soll geliiwert ginn an net wéi an der Vergaangenheet vill versprach. En Highlight wäerten 2025 „Workflows“ sinn, ee System deen et digital erlaabt all Dokumenter digital vum Ufank bis zum Enn also och bis an de Gemengerot ze begleeden. Vill Gemengen hunn eng Demo dovunner gesinn, dovunner och d'Gemeng Kielen an de Sekretär war do begeeschtert. Dëse Programm deen an der Gemeng Esch leeft gëtt elo op „multicomunes“ ëmgebaut, a mir hoffen am Summer an den éischte Gemengen de Programm lafen ze hunn. Wat och eng grouss Plus-value ass, besonnesch wann e „Silence pour accord“ soll kommen, da kann een nämlech Rappellen setzen. Eréischt dono, also am Hierscht gëtt de SIGI Day programméiert wou d'Gemenge gewuer gi wat an Zukunft soll um digitale Plang realiséiert ginn. Op alle Fall ass den Här Guy Breden (CSV), Vizepresident vum Syndicat, dovunner iwwerzeegt dass de SIGI lo um richtege Wee ass.

Den Här Guy Breden (CSV) informéiert dass dësen Dënschdeg grouse Comité beim LEADER war. An deem Kader sinn 3 Punkten déi sollen ervir gehuewe ginn. Den ORT Guttland huet de Projet „Slow-Mobility“ virgestallt. Dëst am Kontext vum „Slow Tourism“. Et handelt sech ëm ee sougenannte „Storytelling“. Also Toure verbonne mat Attraktiounen a Geschichten. Ee vun dësen Touren deen „Zwischen historischem Fahren und moderner Kunst“ heescht, féiert duerch Nospelt mat der Attraktioun „Péckvillecher“. Ugeduecht war e „rent a bike system“ wou sech awer kee Partner fonnt huet. Oft kommen Touristen déi esou Offere sichen,

mat hirem private Vëlo. All des Toure sinn ab elo op der Applikatioun „Komoot“ ze fannen. Et gëtt och ee Video mam Numm „Slow Cycling Guttland“. Momentan sinn déi Tier just digital beschriwwen. Also um Internet an et soll och eng Beschëlderung dobäi kommen. Beim Budget waren insgesamt 122.000€ virgesi, dovunner sinn der 119.000€ gebraucht ginn déi sech opdeelen a wou ons Region 14.300€ bäigeluecht huet. De Projet huet ee grouse Succès, well et elo schonns iwwert 500 Follower bei der Applikatioun „Komoot“ gi fir dës Tier, wat e ganz gudd Wäert ass. De Projet soll och landeswäit ausgebaut ginn, op den Uelzechtall, op de Sirdall asw. D'Suggestioun am Comité vum LEADER ass dass Leit mat Vëlo, mat Kannerkutsch oder Kannerwon och kënnen matfuere. Et gëtt eng Brochure „Projektpanorama“ mat alle Projeten déi am Kader vum LEADER Projet Weste realiséiert gi sinn an dat vun 2014-2022 mat insgesamt 150 Projeten. Dës Brochure gëtt elo 550 mol ausgedréckt an an d'Gemenge verdeelt. Et gëtt dës Brochure natierlech och digital. D'Gemeng Kielen ass doranner net opgefouert well dës érischt méi spéit bei de LEADER bäigetrueden ass. De LEADER Lëtzebuerg West deckt elo e Gebitt mat enger Fläch vun 248,30 m² of an et si méi wéi 50.000 Awunner. D'Memberen si d'Gemenge Bissen, Garnech, Habscht, Helperknapp, Käerch, Kielen, Mamer, Miersch a Stengefort. Am nächste "Projektpanorama" ass dann och Kielen opgefouert. Et gëtt e Projet deen heescht den „Dall vun de siwe Schlässer“ dat ass eng riseg Erausfuereung. Dëse Dall gëtt iwwerall grouss ugekënnegt, mä vill Schlässer sinn net accessibel oder gi momentan renovéiert. Dofir besteet e Projet fir e Fousswee vun iwwert 40 Kilometer ze maachen deen dës Schlässer verbënnt mat Infopunkten an Infozentere. Esou ass zum Beispill virgesinn zu Huelmes an der Kierch eng permanent attraktiv Ausstellung ze maache verbonne mat neien Technologie wéi künstlech Intelligenz, 3D Animatiounen asw. Dräi Gemenge sinn hei besonnesch betraff a leeën och finanziell eppes bäi dat ass Miersch, Helperknapp a Käerch. Dëse Projet soll mam LEADER ausgeschafft gi bis elo besteet just e Konzept. Eng Erausfuereung sinn awer d'Iwwernuechtunge well et mécht kee 40 Kilometer an engem Dag. Bis 2027 soll alles finaliséiert sinn. De Käschtpunkt läit bei 340.000€ opgedeelt op 71% EU-Gelder well et ass och e Projet énnert europäeschem Label an 29% regional-Gelder also iwwert de LEADER, dat mécht ronn 98.000€ aus. Dono sinn am Comité nach verschide Projete virgestallt ginn déi um Lafe sinn, wéi zum Beispill de „perfect Dinner“ téschent de Jugendhaiser, wou och d'Jugendhaus Kielen hofft an der Final dobäi ze sinn. Och vun der Closer App ass diskutéiert gi wou elo e Projet leeft fir e Prototyp ze maachen

an zwar en Automat wou ee ka Géigestänn iwwert d'Applikatioun verléinen. Da besteet och e Projet vun enger Energiekooperativ wou d'Agri-PV vu Keespelt en Deel dovunner ass. Nach eng wichteg Informatioun, am Kader vun der Duerfentwécklung, ass den Här Benjamin Klein de 15 November 2024 agestallt ginn un deen sech all Gemeng ka wende fir eng Berodung ze kréien, och Kielen soll dovunner profitéieren.

D'Madamm Claudine Meyer-Deitz (LSAP) informéiert dass si gëschter zu Stengefort am ZARO war. Bei der Agri-PV Inauguratioun huet si mam Minister Lex Delles iwwert den Terrain an der Käercher Gemeng geschwat am Kader vun Verkéier um Wandhaff. D'Madamm Laure Hieff vum Wirtschaftsministère, déi sech ëm den ZARO këmmert ass elo am Comité vum ZARO. D'Madamm war gëschter och do an huet eng ganz interessant Communicatioun gemaach, an zwar bis ugangs Januar soll all Gemeng hir Terraine ra ginn déi se eventuell wéilten an eng Industriezon mat eran huelen, well de Ministère schéngt an deem Kontext eppes ze änneren.

Dat heescht d'Gemeng misst sech iwwerleeën ob si eng Extensioun wëll an dat sou séier wei méiglech. Den ZARO huet den 11 Dezember 2024 nach eng Kéier Rendez-vous mat Leit vum Wirtschaftsministère an d'Madamm Laure Hieff krut ganz kloer gesot dass am Fong geholl vun deene Gemengen déi am ZARO sinn, keen eppes géint dee Projet huet, mee datt jiddwer Gemeng well datt dee Problem mam Verkéier um Wandhaff muss geléist ginn éier dat anert ka gemaach ginn. De Service technique soll kucken dass falls eng Extensioun fir Kielen géif a Fro kommen datt dëse Projet bis déi éischt Woch am Januar um Wirtschaftsministère ass.

Den Här Guy Kohnen (CSV) gëtt e puer Informatiounen zum Offallsyndikat SICA, d'Gemeng Leideleng hat eng Demande gestallt fir Member am SICA ze ginn, dat war awer nach énnert deem ale Schäfte- a Gemengerot an deen neie Schäfte- a Gemengerot huet awer elo unanime decidéiert net dem SICA bäizetrieden. Aus haaptsächlech zwee Grënn, et wier hinnen ze deier si missten sech lo finanziell un deem neie „Centre de ressources“ bedeelegen an d'Distanz fir hir Bierger wier hinnen och dann ze weit. Dat ass lo offiziell esou kommunikiert ginn. Wéi si als Gemeng elo eens gi mam Offallegesetz dat ass hir Saach well all Gemeng muss e Recyclingzenter ubidden. De SICA bleibt bei deene Gemengen déi bis elo ëmmer Member waren.

Da war dee Pilotprojet vun der Valorlux mat deene speziellen Offallbehältere déi an eiser Gemeng opgestallt gi sinn, dee Pilotprojet ass mat engem negative Resultat zu Enn gaangen, well d'Leit all méiglech Saachen do dra puchen awer just net dat wat se sollten. Et ass

elo esou, déi Behälter bleiwen an der Gemeng stoen an no enger Kontroll vun den Aarbechter ginn déi mat der Valorlux op normale Wee vu Valorlux ewech geholl. Mais de Pilotprojet ass ofgeschloss a wéi gesot negativ. Da gouf awer och am SICA de Budget gestëmmt. Finalzuelen vum Budget 2025, do ass am Ordinären ee klengen Iwwerschoss vu 7.258€ an am Extraordinären awer ee vun 9.348.108€ natierlech bedéngt duerch den Apport en Kapital deen d'Gemengen all bruecht hunn a bréngt wäerten fir deen neie „Centre des ressources“. Eng positiv Noricht ass dass beim Projet vum neie „service collecte“, wou d'Camione stinn, wou elo ee finalen Decompte gemaach ginn ass, ee positive Solde bliwwe vun 1,2 Milliounen Euro. Fir deen op den neie Projet riwwer ze huele geet net, dat heescht do ginn elo am Januar déi 1,2 Milliounen Euro proratiséiert op d'Gemengen déi Member si verdeelt sou datt d'Gemengen e puer Suen an d'Kees kréien. De genaue Betrag ass net bekannt, Mamer kritt natierlech de gréissten Deel, dono komme Bartreng a Kielen.

Den Här Marc Bissen (LSAP) deelt mat dass den 13 November 2024 de Comité vum SICONA zu Bartreng war. De Budget ass unanime gestëmmt ginn. Am ordinären ass ee Boni vu 446.000€ da kommen d'Bonie vun deene Jore virdu bäi. An am Extraordinären e Mali vu 400.000€ a wann alles ëmgeschriwwen gëtt, rektifizéiert Budget 2024 a Budget 2025 bleiwen e Boni vun 125.000€ fir de SICONA. Ze bemierken ass dass den Ausbau vum Gebai zu Ollem elo mol gutt ënnerwee ass, den Timing ass nach ëmmer op de Juni nächst Joer, wou deen Deel soll fäerdeg sinn. Deen ganzen Ausbau soll integral iwwert d'Recettë vum SICONA finanziert ginn, dass keen Apport extraordinär bei de Gemenge gefrot ginn dat bedeit awer och dat d'Reserven elo mol erof gaange sinn an elo heescht et emol bësse spueren iwwert déi nächste Joren. An dat war och de Kredo am extraordinären Deel vum Budget, et gëtt net vill a Maschinnen investéiert. Den Atelier zu Kielen deen ass relativ enk vun der Plaz. Am Laf vum Joer hu mir probéiert eng Plaz ze fannen, wou mir kënnen lounen, oder villäicht iergendwéi nach méi Maschinnen ënnerstellen. Mais dat war entweder ze deier oder ze wäit ewech an dofir hu mir elo gekuckt op mir déi besteeënd Hal net kennen einfach verlängeren. Do gëtt den Daach verlängert an do kommen nach e puer grouss Schwerlastregaler wat erméiglecht nach méi Stauraum zousätzlech ze kréien. Och déi Heizung déi mat Holzpellets funktionéiert huet, déi am Atelier war ass fort, dat heescht dat de ganze Silo ka genotzt gi fir Stockage. Dat heescht all déi besteeënd Räum gi lo genotzt fir nach e bësse Plaz ze schafen, dat ass warscheinlech keng Léisung fir déi nächst 20 Joer, mee datt gëtt eis lo nach e bësse Raum a Plaz fir déi

nächst Joren. Bei de Participatioune vun de Gemengen, dat ass ganz erfreesch, hunn d'Gemengen alleguerten hir Ausgabe fir de Joresprogramm an d'Luucht gesat, dat heescht et gëtt awer allgemeng vill an der Naturschutz investéiert. D'Gemenge hunn gemierkt datt dat sech lount well hannendrun jo den Naturpakt ass wou mir jo d'Joer och op den zweete Level komm sinn, a wou dann och méi Subsiden erëm kommen, op der anerer Säit vum Staat wou mir d'Joer an d'Luucht gaange sinn, dat ass sou eng win-win Situatioun déi sech dann do och fir d'Gemengen ergëtt.

D'Madamm Natacha Koch (CSV) erënnert drun dass haut de Chrëschtmaart opgeet an invitéiert d'Conseillere op d'Ouverture déi um 18h00 stattfënnt. Muer de Mëtten um 12h45 wier de Gemengerot gebieden op d'Bün ze komme mat der Keespelter Musek well de Kleesche kennt um 13h15 fir kënnen pünktlech mam Ausdeele vun den Titercher unzefänken.

Den Här Félix Eischen, Buergermeeschter, (CSV), anonciéiert dass 30er Zon virun der Gemeng ausgeschriwwen ginn ass, dat heescht do ass d'Gemeng ganz gutt viru komm sou dass dës lo viraussichtlech am Laf vum nächste Joer an d'Realisatiounsphas kënn. Hien seet alle Bedeelegten déi sech dofir agesat hunn, vill Telefonen a Schrëftverkëier gemaach hu villmoools Merci. Wat an deem Kontext net esou erfreesch war, ass dass eng Biergerinitiativ, déi sech vill aasetzt an där hier Aarbecht een soll éieren, doropshin op dat wat an der Zeitung stoung, ee Schrëftstéck erausginn huet dass op Grond vun hirer Interventioun dat Ganzt dunn an d'Rulle komm ass. Den Här Félix Eischen (CSV) wëll hir Aarbecht guer net minimiséieren mee hätt et awer begréisst wann an deem och gestanen hätt dass d'Gemeng hir Aarbecht och gemaach huet an deem Kontext. Et gouf eng sëlleg Telefonen, Bréiwer, Entrevuë vu Säite vun der Gemeng gemaach fir dat Ganzt ze realiséieren. Alleguerten d'Acteuren zéien zesummen un engem Strang an dat soll och mat enger gewëssener Fairness dobaussen sou kommunizéiert ginn.

Dann haten d'Vertrieder vun der Gemeng an de Service technique, mam Ministère a mat engem Ingenieurbüro zesummen, virun enger Zéit eng Entrevue bei Ponts et chaussées, fir iwwert e méigleche Contournement ze schwätzen. Dat géif den Informatiounen no déi haut kënnen kommunizéiert ginn, e Contournement de proximité ginn, dat ass keng Schnellstrooss laanscht d'Uertschaft Kielen, mä dat ass eng Strooss wou een aus der Uertschaft eraus och Zougang drop huet, dat heescht et bräicht een dann net, wann déi Strooss géif gemaach ginn, bis op Mamer ze fuere fir drop ze kommen, respektiv bis op de

Katrewang mee do kënn een aus dem Duerf drop. De Participante goufen zwou Versioune presentéiert vun engem méigleche Contournement, dir hutt dat och warscheinlech am PNM 2035 (Plan national de mobilité) gesinn, dat wier eng Kéier een Ëmgeungsstrooss déi westlech géif laanscht Kielen lafen an eng aner déi östlech géif laanschtlafen. D'Gemeng hätt eng Präferenz fir déi déi östlech laanschtleeft.

An der Versammlung ass och presentéiert gi fir eng Stéchstrooss un d'Aktivitéitszon unzabannen, hei ginn et 2 Versiounen, déi eng Versioun läit méi no beim Duerf, déi net esou attraktiv ass fir d'Gemeng an déi aner déi läit mei zeréck, déi géif ongeféier op der Héicht vun der Kläranlag den Uschloss maachen un d'Aktivitéitszon, da weider rop op den 102 téscht Mamer a Kielen.

Dat si lo alles Donnéeën, Proposen oder Iwwerleeungen déi d'Participanten an der Reunioun kruten. Mam Ingenieurbüro setzt d'Gemeng de Moment zesumme fir all déi Informatiounen an all déi Elementer déi et gi fir dës oder déi Versioun zesummen ze sichen a wou d'Gemeng da muss beim Ministère, am neie Joer, muss argumentéieren firwat dass mir eng Präferenz hätte fir eng vun deenen am Ganze 4 Versiounen. Zurzäit kann nach näischt Konkretes kommunizéiert ginn. Dovun ofgesinn ass et nach net kloer wéi deen Tracé genau gezu gëtt a wat fir eng Parzelle betraff sinn, mee just esou vill, d'Gemeng Kielen war nach ni esou no drun. Et huet nach ni sou eng konstruktiv Reunioun mat Administration des ponts et chaussées, dem Transportministère an dem Bureau d'Etude wéi déi déi virun 3 Woche stattfonnt huet. Et war nach ni esou e grouse Wëllen do fir zu Kielen esou e Projet ëmzesetzen.

1. Gemengereglement bezüglech der Allokatioun vun engem Subsid fir d'Notzung vu hygieenesche Wëndelen oder hygieenesch Artikelen aus gesondheetleche Grënn

Ursprénglech gouf dës Subventioun agefouert no der Festleeung vun de Redevancë fir d'Ofhuele vun den Offäll op Basis vum Volume vun de Poubellen an der Frequenz vum Vidange. D'Tax déi ofhängeg ass vum Gewicht benodelegt Elteren déi ganz kléng Kanner hunn a Persounen déi net an déi Altersklass fale mä déi un enger kierperlech Behënnung leiden oder un Inkontinenz leide wann déi vun engem Attest vum Dokter certifiéiert sinn. Allerdéngs bedeit d'Zoudeeling vun enger Subventioun vu 4,00 € pro Mount a pro Kand am Alter vun 0 bis 24 Méint a pro inkontinenter Persoun e bedeitenden administrativen Opwand. Dofir proposéiert de Schäfferot eng järelech Subventioun vun

120,00 € anzeféieren. Deemno, approvéiert de Gemengerot d'Gemengereglement bezüglech der Allokatioun vun engem Subsid fir d'Notzung vun hygieenesche Wëndelen oder hygieenesch Artikelen aus gesondheetleche Grënn. Laut Artikel 2 – Montant a Modalitéte fir d'Bezuele gëllen ab elo déi follgend Bestëmmungen:

1. de pauschale järelech Subsid pro Persoun déi hygieenesch Wëndelen oder hygieenesch Artikelen aus gesondheetleche Grënn notzt an an der Gemeng wunnt gëtt op 120,00€ festgeluecht;
2. de Montant vum Subsid gëtt proportionell vun de Méint déi vergaangen si säitdeem d'Ufro fir de Subsid agereecht gouf an oder a Consideratioun vum effektive Wunnsätz an der Gemeng Kielen gerechent;
3. d'Bezuelung vum pauschale järelech Subsid fënnt am Ufank vum finanziellen Exercice statt, deen nodeems d'Ufro fir de Subsid agereecht gouf ufängt.

2. Pacte Climat 2.0 – Approbatioun vun den Objektiver vun den Haaptindicateure vum Programm eea „European Energy Award“

Et ass wichteg ze erwänen, dass de Gemengerot de Kontrakt „Pacte Climat 1.0“ a senger Sëtzung vum 14. Dezember 2012 an de Kontrakt „Pacte Climat 2.0“ a senger Sëtzung vum 3. Juni 2022 ënnerschriwwen huet. Déi zwee Kontrakter goufen tëscht dem Lëtzebuerger Staat, der ekonomescher Interesevertrieder „My Energy“ an der Gemeng Kielen ënnerschriwwen. Am Kader vum Kontrakt vum Klimapakt ass eng vun deene wichtegsten Aufgaben de Programm eea „European Energy Award“ op mannt eemol am Joer op den Ordre du jour vum Gemengerot ze setzen. Dowéinst huet de Klimapaktconseiller, den Här Thierry Lagoda, d'Haaptindicateure vum Programm eea „European Energy Award“ 2025, déi vun der Ekipp vum Klimapakt vun der Gemeng Kielen elaboréiert goufen, am Gemengerot vum 25 Oktober 2024 virgestallt a ginn an dëser Sëtzung gestëmmt.

3. SICONA Süd-West – järelech Aktiounsprogramm 2025

De Gemengerot approvéiert de järelech Aktiounsprogramm vum SICONA Süd-West fir d'Gemeng Kielen bezüglech dem d'Joer 2025 vun der Gemeng Kielen fir e Montant vu 780.778,91€ vun deem d'Gemeng muss 345.000,00€ bezuelen.

4. Reamenagement an d'Mise en conformité vun de A & B Gebaier vun der Zentralschoul zu Kielen – definitiven Avant-projet an Devis.

Den 12 November 2024 huet den Architektbüro Serge Bonifas s.à.r.l. vu Kielen de Projet mat de Pläng a mam Devis betreffend der Zentralschoul vu Kielen mat engem Montant vun 13.614.014,57€ ouni TVA (15.905.536,15€ TTC) opgestallt. Dëse Projet gesäit d'Reamenagement an d'Mise en conformité vun de A & B Gebaier vun der Zentralschoul, situéiert op 2 rue de Nospelt zu Kielen, vir. D'Aarbechte fänke fir d'éischt am B Gebai un an dono am A Gebai. Den Austausch vun der Fernwärmeleitung an den Installatiounen déi sech bausse befannen an de Bau vun enger Statioun fir Verdeelung vun der Fernwärme am C Gebai sinn an der Schätzung vun de Käschten abegraff. An de A & B Gebaier befannen sech, ënnert anerem, um Rez-de-chausée, 9 Kllassesäll, e Konferenzsall, e Büro fir de President, e Sall fir d'Kopien ze maachen, eng Loge fir de Portier, e Schacht fir Technik, e Sall fir de Rattrapage, d'Toiletten esou wéi och e Foyer. Um éischte Stacke befannen sech 6 zousätzlech Schouלקlassen, eng Terrasse, en Openthaltsraum, e Schacht fir Technik, e Sall fir d'Kopien, d'Toiletten, asw. An dëser Optik, approvüiert de Gemengerot de Projet mat de Pläng esou wéi och den Devis vun der Zentralschoul zu Kielen.

5. Lotissementer

5.1. Lotissementer vun Terrainen an der rue de l'École zu Nospelt & Konventioun

Den 12 Juni 2024, huet de Geometer Geolux G.O. 3.14 vu Fenneng de Projet fir e Lotissement n°23-499IEI am Opdrag vun der Societéit Nospelt Properety s.à r.l. vun Nospelt opgestallt. Dëse Projet gesäit vir d'Parzellen n°174/3953, Plaz, mat enger Surface vun 8,28 Ar an n°175/3954, Plaz, mat enger Surface vu 6,75 Ar, situéiert an der Sektioon C vun Nospelt, um Uert „Rue de l'École“, a 5 Lousen ze splécken an zwar fir 3 Wunngebaier ze baue mat engem Total vu 15 Logementer. Ausserdeem, huet de Schäfferot den 13 November 2024 eng Konventioun mat der Societéit Nospelt Property ënnerschriwwer betreffend der Ausféierung an der Exekutioun vum Morcellement vun Terrainen an der rue de l'École zu Nospelt, Parzellen n°174/3953 an n°175/3954. An deem Kontext, approvüiert de Gemengerot de Projet fir d'Lotissement an d'Konventioun déi derzougehéiert.

5.2. Lotissement vun engem Terrain an der rue de Keispelt zu Kielen

Den 22 Oktober 2024 huet de Geometer Best G.O. vun Niederanven de Projet fir e Lotissement n°249196 am Opdrag vun der Gemeng Kielen erstalt. Dëse Projet gesäit vir d'Parzell n°664/7075, Plaz, mat enger Surface vu 7 Hektar, 30 Ar a 54 Centiar, situéiert Sektioon A vu Kielen, um Uert «Rue de Nospelt» an 2 Lousen ze deele fir en neit Lous niewent dem Centre médical ze kreéiere fir op dësem kënnen eng Annex ze bauen. Deemno approvüiert de Gemengerot de Projet fir dëst Lotissement.

6. Inclusiounskommissioun

6.1. Demissioun vum Poste vum Sekretär

Unhand vun sengem Schreiwes vum 10 November 2024 huet den Här Norbert Jung vun Nospelt seng Demissioun als Sekretär vun der Inclusiounskommissioun agereecht. Deemno approvüiert de Gemengerot Demissioun vum Här Norbert Jung vun Nospelt vu sengem Posten als Sekretär an der Inclusiounskommissioun.

6.2. Demissioun vun engem Member

Unhand vun deem selwechte Schreiwes deelt den Här Norbert Jung vun Nospelt der Gemeng mat dass hien och wëll als Member vun der Inclusiounskommissioun well demissionéieren. De Gemengerot approvüiert dës Demissioun. D'Inclusiounskommissioun setzt sech deemno aus follgenden 12 Membren zesummen:

N°	Nom / Prénom		Fonction	Localité
1	vacant	CSV	Secrétaire	Nospelt
2	KOHNEN Guy	CSV	Membre	Nospelt
3	vacant	CSV	Membre	
4	REHLINGER Sandra	LSAP	Présidente	Kehlen
5	BACK Joan	LSAP	Membre	Olm
6	CASEY Wendy	DP	Membre	Keispelt
7	BONIFAS Larry	déi gréng	Membre	Nospelt
8	PEREIRA-PACIOTTI Patrizia	neutre	Membre	Olm
9	LIESCH Camille	neutre	Membre	Olm
10	RIEDEL-MAHR Nora	neutre	Membre	Keispelt
11	LINK Marie-Claire	neutre	Membre	Nospelt
12	SOW Momar Tallar	neutre	Membre	Kehlen
13	MARTIN Paul	neutre	Membre	Kehlen

7. Konventiounen

7.1. SEA – Konventiounen bestoend aus zwou Parteien 2024 bezüglech dem SEA

De Gemengerot approvüiert d'Konventiounen bestoend aus zwou Parteien 2024 bezüglech dem Fonctionnement vun der Maison relais zu Kielen an der Maison relais – Crèche zu Keespelt, déi den 2 Februar 2024 téschent dem Educatiounsministère an dem Schäfferot vun der Gemeng Kielen ënnerschriwwer goufen, wéi och déi generell Konditiounen déi dozou gehéieren, sou wéi se presentéiert goufen.

7.2. Fondation Cancer Luxembourg – Konventioun fir e Partenariat bezüglech der Strategie „Génération Sans Tabac“

De 26 September 2024, huet de Schäfferot eng Konventioun fir e Partenariat mat der „Fondation Cancer Luxembourg“ am Kader vun der Strategie „Génération Sans Tabac“ ënnerschriwwen. Dës Konventioun bestëmmt déi juristesche an technesch Modalitéite vum Partenariat datt téschent de Vertragspartner agefouert gouf fir eng Relatioun téschent der „Fondation Cancer Luxembourg“ an de Gemeng Kielen opzebauen. Et ass wichteg ze erwänen dass mam Bäitritt bei der Strategie „Génération Sans Tabac“, d'Gemeng Kielen sech dozou engagéiert, op hirem Territoire an och ronderëm d'Verwaltung, Zonen anzeféiere wou net därer gefëmmt ginn. A fir kënnen e Label ze kréien, muss d'Gemeng eng gewëssen Unzuel u Critèren erfëllen a Funktioun vun deene verschidde Kategorië vu Partnerschaften „Bronze“, „Sëlwer“ a „Gold“. An deem Kontext, approvüiert de Gemengerot dës Konventioun.

7.3. SICONA Sud-Ouest – Konventioun bezüglech der Verwierklechung vu Projekte fir de Naturschutz

De Gemengerot approuvéiert d'Konventioun bezüglech der Verwierklechung vu Projekte fir de Naturschutz déi tëschent dem Här Julien Ries an der Verwaltung vun der Gemeng Kielen, vertrueden duerch hire Schäfferot den 13 November 2024 ënnerschriwwen gouf. Unhand vun dëser Konventioun, geneemegt de Propriétaire vun der Parzellen n°88/2294, Sektoun B vun Olm, mat enger Surface vu 47 Ar an 80 Zentiar, geleeën um Uert „Im Brill“, der Gemeng sech ëm den Entretien vun 10 Uebstbeem mat engem héijen Stamm ze këmmern. Am Géigensatz, engagéiert de Propriétaire vun der Parzell sech dës Beem ze schützen a keng Pesticiden esou wéi och kee mineraleschen Dünger ze notzen an erlaabt der Gemeng op der genannter Parzell ze circuléiere fir sech ëm den Ënnerhalt ze këmmern.

8. Donen un „Union Grand-Duc Adolphe“ (UGDA)

De Gemengerot bewëllegt der UGDA e Subsid vun 300,00€ an zwar fir dem Komitee vun Patronage bäizetrieden am Kader vun 40sten lëtzebuergesche Concours fir jonk Solisten (50,00€) a fir de Veräiner déi deelhuele eng Trophee als Udenken un de Concours ze schenken (250,00€).

9. Kreatioun vun engem Poste fir e Salarié mat enger manueller Tâche an der Karriär C fir d'Besoine vun Regiebetrieb vun der Gemeng

De Gemengerot decidéiert e Poste fir e Salarié mat enger manueller Tâche an der Karriär C fir d'Besoine vun Regiebetrieb vun der Gemeng ze schafen.

10. Confirmatioun vun den dréngende Verkéiersreglementer vun Schäfferot

De Gemengerot confirméiert 5 dréngend Verkéiersreglementer vun Schäfferot, an zwar op 8 rue du Centre zu Kielen fir Aarbechten am Kader vun Amenagement vun engem Zebrasträifen, vum 24 Oktober 2024 bis zum Ofschluss vun den Aarbechten; an der rue des Près zu Keespelt fir Uschlossaarbechten un de Verdeelungsreseau vum 4 November 2024 bis zum Ofschluss vun den Aarbechten; an der rue de Capellen zu Ollem (CR103) (Verlängerung) fir d'Aarbechten am Kader vun engem Deplacement vun engem Busarrêt, vum 11 Januar 2025 bis den 31 Juli 2025; op n°10 an n°10A rue de Dondelange

zu Meespelt fir Aarbechten um Reseau, vum 11 November 2024 bis den 20 Dezember 2024; an der rue de Commerce zu Ollem (Verlängerung) fir Uschlossaarbechten an der Strooss fir d'Evakuatioun vun Waasser vun 2 Residenzen, vum 11 Januar 2025 bis den 31 Juli 2025.

GESCHLOSSE SËTZUNG

11. Verwaltung vun der Gemeng Kielen

11.1. Ernennung vun engem Gemengenemployé fir Besoine vun Sekretariat vun der Gemeng an der Kategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp Administratives

No engem geheime Vott, ernannt de Gemengerot e Gemengenemployé an der Kategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp Administratives.

11.2. Ernennung vun engem Gemengenemployé fir Besoine vun Sekretariat vun der Gemeng an der Kategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp Administratives

No engem geheime Vott, ernannt de Gemengerot e Gemengenemployé an der Kategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp Administratives.

11.3. Decisioun fir e Klassement vun engem Gemengenemployé an der Kategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp Administratives

De Gemengerot decidéiert, no der Applikatioun vum Artikel 19 vum geännerte Groussherzogleche Reglement vum 28 Juli 2017 betreffend dem Regime an den Indemnitéite vun de Gemengenemployéen, d'Klassement vun engem Gemengenemployé an der Kategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp Administratives an zwar an de Grad 10, 1sten Echelon, 242 Punkten.

12. Kommunalen Erzéiungs- an Empfangdéngscht fir Kanner (SEA)

12.1. Demissioun vun engem Gemengenemployé an der Kategorie C, Loungrupp C1, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Soziales

De Gemengerot approuvéiert Demissioun vun engem Gemengenemployé an der Kategorie C, Loungrupp C1, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Soziales.

12.2. Ernennung vun engem Gemengenemployé an der Kategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Soziales

No engem geheime Vott, ernannt de Gemengerot en Educateur diplômé fir de SEA fir 35 Stonnen an der Woch (96%) ënnert dem Statut Gemengenemployé an der Kategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Soziales an op onbegrenzten Zäit.

12.3. Decisioun fir e Klassement vun engem Gemengenemployé an der Kategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp Administratives

De Gemengerot decidéiert, no der Applikatioun vum Artikel 19 vum geännerte Groussherzogleche Reglement vum 28 Juli 2017 betreffend dem Regime an den Indemnitéite vun de Gemengenemployéen, d'Klassement vun engem Gemengenemployé an der Kategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Soziales an zwar an de Grad 8, Echelon 7, 257 Punkten.

Presentatioun vum rektifizéierte Budget 2024 a vum Budget 2025.